

# De schlamme Pier

'T gesäit een en nët méi, hun d'Leit vum klenge Kiem gesot an hun domat de schlamme Pier gemengt. Hie kouw summesch wéi wantesch aus dem Dall erop an as déisäit, e puer Steewörf vum Kiem, am Gréngewald verschwonnen.

Mä um Kiem woussten s'all wat de Pier do gekniwwelt huet. Vir, beim Pränz séngem alen Héichsätz stoungen e puer honnertjäreg Eechen, déi him et zanter laangem ugedon haten. Wann e bis do ukouw war, dann huet en sech op den drëtte Sprass vun der Leeder gesat an huet sech erblosen. An dann, no e puer Minuten war hien a sénger klenger anerer Welt an huet alles ronderëm sech an och säi wéit Been an säi schaupegt Lach am Dall vergiess.

Iwwert him stongen d'Kroune vun deenen alen Eechen am Wand, dee mol lues, mol méi zerguttstert durch si gefuer as. An dat war nët alles: hei war de Poufank doheem, de Routschwanz, d'Goldmärel, mä och de Markollef an d'wëll Dauf. An zanter e puer Joër huet een och nees héich iwwert den Eechen den Huer gesinn, deen séng wäit Kreesser geflunn as.

'T war keen Zoufall, datt sech op dëser Plaz esouvill Vigel opgehale hun. An de Pier as och ni ganz laang op der Leeder sätze bliwwen, fir näischt ze maachen. Wann ee gutt gekuckt huet, da sin engem no an no eng fofzég, zwanzeg Naschthaisercher opgefall, déi un de Beem hongen, an déi eent ausgesouchen wéi d'anert.

De Pier huet s'ëmmer der Rei no gemoschtert, den Hiescht huet en déi al Näschter rausgehäit an och emol dat eent odder dat anert Haischen mat heem geholl, fir den Daach ze flécken, odder fir et frësch unzesträichen. D'Haisercher hounge nët eeschtlech héich un den Eechen, well mat séngem wéie Been war de Pier keen As am Klammen an d'Leeder vum Héichsätz hat hiirt Gewiicht.

De Wanter, nach ier den éischte Schnéi gefall as, kouw de Pier mat séngen dräi Fudderhaisercher gehéisst. Se waren zimlech grouss, sou datt en all Kéier nëmmen eent konnt matbréngen, mä en huet se nom Wanter allen dräi nees heemgeschleeft, well se him ee Joer allen dräi geklaut gi waren.

D'Vullen hun hie kannt an dacks souzen se schon ëm dat eent Fudderhaischen ze gammsen, ir de Pier mat deenen aneren zwee fäerdeg war. An dann as d'Gepicks an de Kären an am

Schmalz lassgaangen. De Pier stoung an de Stiwwelen, am décke Mantel an e grouse schwaarze Schal ëm den Hals hannert den Traisch an huet nogekuckt, bis d'Nues him vu Keelt gedrëpst huet. Dat ware sénger schéinsten Deeg.

De schlamme Pier kënnt nët méi, hun d'Leit vum klenge Kiem enges Daags gesot. Se woussten och firwat.

Schon am Fréijor virdrun stoung dem Pier näischt Gutts un, wéi en op der Gewan Leit mat grouse Staangen a komplizéierte Miessinstrumenter hantéire gesin huet. E puer Wochen duerno hu queesch durch d'Stécker bis eran an de fiischte Bësch Schëlter gestach, déi en sech nët ausdäitsche konnt. An enges Daags gesouch en där grousser Baggermaschinen, déi ugefaangen hun, sech an de Buedem zu friessen; a Camionën, héich wéi en Haus, déi de Buedem ewech gefouert hun.

Du kouw d'Geschicht mat sénger lénker Héft. En huet dräi Wochen am Spidol geleën, an duerno konnt en nach zwee weider Méint kee Schrack virun d'Dir gon. Mä aus der Zeitung huet en erausgelies, wat do uewen um klenge Kiem lass war.

'T war schon Enn September, wéi en et nët méi ausgehalen huet a wéi en eng éischte Kéier no sénger Operatioun de Bengel erwëscht huet an dropper getrëppelt as.

An no enger geschloener Stonn, séng Héft huet em geklappt an och säin Otem goug méi schwéier wéi soss, wousst hien, wéivill Auer et geschlon hat.

Déi aner Säit louch säi Bësch; knapps dräihonnert Meter wäit ewech. E stoung nach am gréngste Laf wéi kaum e Jor virdrun ëm dës Zäit. An iwwert den Eechen hun zwee Héngerdéif gestan wéi wann se Fänkches géife spillen.

Mä virum Pier sénge Féiss as et ewell en déiwe Rampli erofgaang, an ënnen hun d'Baggeren an d'Schëppe geroost wéi di Wëll. Nëmme e puer Männercher huet een op de Maschinen an hannert dem Steierrad vun de Camionë gesin. Mä d'Bett fir déi nei Autobunn war hei schon eng honnert Meter breet an hannen as de Rampli nees géi an d'Luucht gaang.

De schlamme Pier kouw nach eng eenzeg Kéier erëm; wéi et am Fréijor geheescht huet, se hätten déi nei Autobunn ageweit. Bis vir bei de Rampli goug en, fir den Autoen nozekucken.

Déi aner Säit louch säi Bësch. Déisäit an dëssäit haten s'elo och nach e schéinen, héigen Zonk operéiert.

Wéinst dem Wëld, soten se.

